Journée de l'ingénieur

# De Sujet "Space Mining" wäert dominéieren

E Samschdeg am Nomëtten ass déi 58. Journée de l'Ingénieur an der Chambre de Commerce.

Leschten Update: 05.02.2017, 20:10:05

E-Mail schécken

Printen

Tweet G+1

## Links

AUDIO: Journée Ingénieur / Reportage Ben Frin

## Themen

Lëtzebuerg

## Lëtzebuerg: Am meeschte gelies

Haut Gëscht Dës Woch Lescht Woch

1. Serie CNS (20. Deel): Congé aus familiäre Grënn
2. Avenue de la Gare: Appartementshaus zu Péiteng wéinst Kichebrand evakuéiert
3. Stad: Mann e Samschdeg den Owend brutal zesummegeschloen
4. Trickdéiwe mat Kand: Serveuse krut Handy a Suen aus der Kees geklaut
5. Déifferdeng: Mann stierft bei Feier an Eefamilljenhaus



D'Associatioun Da Vinci wëllt domadder den Ingenieursberuff an de Mëttelpunkt stellen, den och hei am Land ënner ze mann Nowuess leit. Den Haaptdeel vum Ingénieursdaag ass eng Konferenz mam Jean-Jacques Dordain, den iwwert den aktuell vill diskutéierte Space Mining schwätzt.

Spacemining ass Technik an Technik gëtt bekanntlech vun Ingenieure gemaacht. De Jean-Jacques Dordain den de Virtrag den Mëtten hält schafft selwer fir Spaceresources, déi Firma, déi fir de Wirtschaftsministère enges Daags soll op Asteroide Rohstoffer ofbaue goen. De Marc Solvi ass President vun Da Vinci, der Associatioun déi den Ingénieursdaag organiséiert, an hien ass gespaant wat iwwert de Spacemining Neies gezielt gëtt.

Et wier e Sujet d'avant-garde an een deen Ingenieure misst interesséieren. Op der Journée de l'ingénieur wier et fir de Marc Solvi besonnesch interessant fir gewuer ze gi wat fir Perspektiven et am Space Mining fir de Beruff vum Ingenieur gëtt.

Betriber hei am Land mussen de gréissten Deel vun den Ingenieuren am Ausland rekrutéieren, mam Lëtzebuerger Nowuess ass et leider net déck. Jo, d'Ausbildung ass wuel keng einfach, mee dofir sinn d'Perspektiven herno excellent.

Et kéint een industriell schaffe goen, et kéint een an d'Recherche goen, bei Banken oder bei de Staat. Alles misst gewaacht an entwéckelt ginn, esou de Marc Solvi.

Virun allem Ingenieurinne wiere gesicht. Et wiere nëmme wéineg Fraen, déi sech dofir interesséieren an dat wier schued. Déi hätte kee Problem fir an der Branche eng Aarbecht ze fannen.

Wien Interesse un der Journée de l'ingénieur huet, dee kann am Nomëtten um hallwer 5 de Virtrag iwwer Spacemining an d'Chambre de Commerce lauschtere goen.